

Eis Sprooch an der Schoulgeschicht (2)

Doriwwer hate mir an deer leschter KLACK (Nr. 225) rieds, an zwar bis duer, wou d'Bichelche vum Professor Nik. Welter eng (laaaaaaaang) Roll gespillt huet. Et guff **ëm 1946 en Usaz, fir Texter an der Margue/Feltes-Schreifweis erauszeginn ...** mä déi Saach ass ganz séier mat dem Geraiwers iwwer déi „nei“ Orthographie an der Lächerlechkeet ënnergang ... *le ridicule l'a bel et bien tué!* Dat huet et natierlech mat sech bruecht, datt eis Sprooch an der Schoul en Heeschchen- a Weesekand guff. Trauereg, mä wouer!

An de **1960er-Joere** fanne mir dann an deer excellenter „Däitschbuch-Rei BRUNNEN“ vum Nicolas Hein, wéi e klengt Wonner, en etlech fuschnei lëtzebuergesch ... Gedichter; leider zevill „hannerwands“ an **ouni déi allermannste Léier-Berodung (Didaktik)**. Et war ower alt emol dat, an huet ärem Schreiwert deemools e „Juppert“ fir seng Sproochbegeeschterung ginn. **Duerno: NÄISCHT!** Dat huet gedauert bis wäit an déi 1970er-Joeren. D'éischt huet sech emol d'Resistenz-Administratioun géint d'Schreifweis vum neien Dictionnaire (Robert Bruch) gestäipt ... déi wier zevill däitsch. Mä de Minister Robert Krieps (selwer Resistenzler) huet äis nogelauschtert an déi „Bruch-Orthographie“ officialiséiert; grad esou offiziell huet hien d'Decisioun fir d'Schoulbuch geholl, dat dunn den Alain Atten zesummestallt huet ... deen ower leider kee Schoulmann war. Wat ass erauskomm? Alt erëm eng Textsammlung ... mat zwou Dosen theoretisch-dréchene Säiten iwwer ... d'Schreifweis, ouni och nëmmen e Stëbskär pädagogesch Linn. Schued. **Leider huet och hei keng Schoulleit-Organisatioun d'Saach an d'Hand geholl!** Dat schéngt alles e bëssen haart ... mä vill ze wouer.

An den 1980er huet sech dann eng Commissioun vun Enseignante mam Jul Christophory un e Lëtzebuergesch-Buch fir de „Secondaire“ ginn, an deem, nieft den „Texter“ – iwregens den Titel vum Buch – och e gudden didakteschen Usaz fir d'Fach op 7^e war; et guff ausgebaut a besteet och nach („TEXTER“, Titelbild vum Roger Manderscheid). Domat konnt ee schaffen ... wann ee wollt; leider huet an deene meeschte Gebaier den Däitschprofessor d'Lëtzebuergesch bei säin Däitsch-Programm gepafft kritt; och de Cornel Meder stong do mat sengem gudden Wëll an de Reklamatiounen am Duerchzoch!

Haut? Et huet sech net vill geännert. Fir jidfer Fach gëtt et eng „Commission nationale“ am Educatiounsministère ... ower keng fir eis Sprooch. Do kënn e Minister sech eng blénkeg Nues verdéngen! Mat all deem, wat elo wibbelt, wäert da jo vläicht/hoffentlech eppes kommen.

En français, s'il vous plaît!

Doriwwer hu mir och hei e puer Dose mol gedovun, datt et **einfach sech rabbelkäppeg drop stäipen, si gifde „langues officiel-Duché schwätzen ... vun dräi Sprooche Sproochgesetz vun administrativen/offi-**



an der KLACK ewell schwat. Grad ewéi **falsch ass, wa francophon Leit fen dach eng vun les“ vum Grand-dës „Officialitéit“ gëllt nom 1984 nëmmen am zielle Gebrauch,**

also wann een z. B. e Bréif un eng Verwaltung schreift. Den Artikel 1 vun dëser Sprooch-Legislatioun seet absolutt däitlech, datt déi allgemeng/normale Sprooch vun eisem Land d'Lëtzebuergesch ass: d'National-sprooch!

An engem Buttek huet de Client d'Recht, seng Sprooch ze schwätzen. Ass keen do, deen hie versteet, da kann hie senger Wee goen ... de Schued huet op jidfer Fall de Patron. Ower wie mécht dat dann?
Et hänt natierlech dovun of, wafir eng Zort vu Geschäft et ass. An 't ass nun emol dem Patron seng Schold, wa „Virkeefeschen/Vendeusen“ an enger Metzerei oder Bäckerei déi 50 Wieder net (wëlle) kennen, déi si op Lëtzebuergesch bräichten; grad esou ass et an engem Fruppsgeschäft. Eis eege Schold ass et ower nun emol, wa mir am Restaurant dacks zesoen automatesch Franséisch mam Personal schwätzen ... an dann heiansdo vläicht esouguer op Lëtzebuergesch geäntwert kréien.

Viru Joeren hate mir (d'AL) emol proposéiert, deene Leit an de Geschäfte eng Spéngel mat engem L ze ginn, déi Lëtzebuergesch kënnen. D'Iddi guff doutgeschloen a mir „Schëmmel a Bless“ vernannt, vrun allem „faschistoid“, reaktionär, rassistesch asw. Ower den Hummer: Just dee Veräin, deen sech ëm „eis“ Immigrante bekëmmert, huet dat Schëldchen dann erausbruecht, mat deem een direkt Bescheed weess, **d'ASTI!** ... et sinn der bestëmmt nach do.

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

Batschdeg!

An enger vun eisen Zeitunge konnt een de viregten Donneschdeg **vun engem „Petitionär“ liesen, datt emol endlech eppes fir eis Sprooch misst gemaach ginn.** Batschdeg!

Leider schéngt engem dat fir e sëlliche Leit de Fall ze sinn, déi elo op eemol an der Sprooch-Wullerei hiren Intresse fir/géint d'Lëtzebuergesch entdecken ... an do-bäi mengen, et wier näischt fir eis Sprooch geschitt. An dëser KLACK, d'Nummer 226!, kënnen si sech jo dann alt emol e Käizche voll huelen, wa si sech d'Gesetz vun ... 1984 eranzéien ... et gëtt och nach ... 375 Artikelen am Internet!

Datt mir mat eiser „ACTIOUN-LËTZEBUGESCH“ zënter 45 Joer Dosenden an Dosenden **Initiative fir d'Sprooch vum Land** geholl an duerchgezun hunn (emol net vum „literaresche“ Gebitt ze schwätzen), **ouni déi haut vläicht net méi apaart vill vum Lëtzebuergesch ze fanne wier ... dat schéngt kee Méckekacki wäert, oder?**

D'Haaptsaach: Elo hunn ech deenen et emol gutt gesot! ... just mat enger Ënnerschrëft. Wéi hat de Mann gesot: *Si hunn nach näischt gemaach ... ower dat ganz gutt!*

Sprooch-Petitiounen berouegen!

Et kann ee vun deenen zwou „Petitiounen“ iwwer eis Sprooch hale wat ee wëllt, mä si hunn et op jidfer Fall fäerdegbruecht, datt emol **vum Lëtzebuergesch op offiziellem Plang geschwat** gëtt! Esoulaang wéi rieds vun engem/eppes geet, ass een/et jo alt nach net dout, gellid!

Déi Allermeescht vun de Leit, déi fir/géint eis Sprooch eng Petitioun an dëser Saach ënnerschriwwen hunn, **schéngen entweder net vill, rosewéineg oder glat näischt vun deem Gesetz vum Februar 1984 ze wëssen, dat de gréissten Deel vun eiser Sproochsituatioun verstänneg geregelt huet ...** och d'Lëtzebuergesch um administrative Gebitt!

Deemools hu mir (eng Commissioun mam Conseiller Raymond Weydert als President) ganz **bewusst op de Begrëff „offiziell“ verzicht**, wéi mir 1981 vum Staatsminister Pierre Werner ugestallt gi sinn, den „Avant-Projet“ fir d'Sproochgesetz an eng Form ze bréngen. **Do geet rieds vum Lëtzebuergesch als „langue nationale“; vun anere Sproochen nëmmen als „langues administratives et judiciaires“**, basta. Et wier vläicht net vu Muttwëll, wa mir **hei an der KLACK (fir jidderen!) emol e „Facsimile“ vun deem Gesetz** géng bréngen: e Mëttel a Bewäis dofir, datt op der Basis vun dësem Gesetz vill Leit berouegt kënnen ginn ... an e sëlliche sech maache léisst; mä, wéi op der TV gesot: *„zevill an net genuch, si keng Moossen!“* Hei ass dann d'Copie (op Franséisch):

Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.

Nous JEAN, par la grâce de Dieu, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau;
Notre Conseil d'Etat entendu;
De l'assentiment de la Chambre des Députés;
Vu la décision de la Chambre des Députés du 25 janvier 1984 et celle du Conseil d'Etat du 7 février 1984 portant qu'il n'y a pas lieu à second vote;

Avons ordonné et ordonnons:

Art. 1^{er}. – Langue nationale
La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.

Art. 2. – Langue de la législation
Les actes législatifs et leurs règlements d'exécution sont rédigés en français. Lorsque les actes législatifs et réglementaires sont accompagnés d'une traduction, seul le texte français fait foi.
Au cas où des règlements non visés à l'alinéa qui précède sont édictés par un organe de l'Etat, des communes ou des établissements publics dans une langue autre que la française, seul le texte dans la langue employée par cet organe fait foi.
Le présent article ne déroge pas aux dispositions applicables en matière de conventions internationales.

Art. 3. – Langues administratives et judiciaires
En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.

Art. 4. – Requêtes administratives
Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant.

Art. 5. – Abrogation
Sont abrogées toutes les dispositions incompatibles avec la présente loi, notamment les dispositions suivantes:
– Arrêté royal grand-ducal du 4 juin 1830 contenant des modifications aux dispositions existantes au sujet des diverses langues en usage dans le royaume;
– Dépêche du 24 avril 1832 à la commission du gouvernement, par le référent. intime, relative à l'emploi de la langue allemande dans les relations avec la diète;
– Arrêté royal grand-ducal du 22 février 1834 concernant l'usage des langues allemande et française dans les actes publics.

Mandons et ordonnons que la présente loi soit insérée au Mémorial pour être exécutée et observée par tous ceux que la chose concerne.

Château de Berg, le 24 février 1984.
Jean

Le Président du Gouvernement,
Ministre d'Etat,
Pierre Werner

Le Ministre de la Justice,
Colette Flesch

Le Ministre de la Fonction Publique,
René Konen